N° 6277
Reçue le 01.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.06.2022

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 1. Juni 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Am Koalitiounsaccord 2018-2023 gëtt am Kapitel iwwer d'Moderniséierung vun der Offer vun der Beruffsausbildung e sougenannten duebelen Diplom als Ofschloss vum Enseignement Secondaire an Aussiicht gestallt *: „Un double diplôme sera introduit au niveau de la classe de fin d'études secondaires. Ainsi, les élèves auront la possibilité de passer leur baccalauréat en même temps qu'ils pourront obtenir un diplôme d'aptitude professionnelle (DAP). La possibilité de la création d'un bac professionnel sera analysée."*

An deem Kontext wéilte mir folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen :

- Kann den Här Minister eis iwwer den aktuelle Stand vun der Aféierung vun dësem duebelen Diplom informéieren ?
- Ass ee Pilotprojet amgaangen ?
    - Wa jo, a wéi engem Lycée a wat sinn déi aktuell praktesch Erfarungen domat ?
    - Wann net, wat sinn d'Grënn dofir, dass deen am Koalitiounsaccord verankerte Projet bis elo net ëmgesat gouf ?
    - Ass geplangt, deen an dëser Legislaturperiod nach ulafen ze loossen ?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

Marc Spautz
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6277 vun den honorabelen Deputéierten Martine Hansen an Marc Spautz**

De Projet „duebelen Diplom Première + DAP" verlaangt an der Ëmsetzung méi Zäit ewéi gemengt : et ass schwéier, e Konsens ënnert de Partner vun der Berufsausbildung hierzestellen doriwwer, wéi eng Contenuen vun deenen zwou Formatiounen als essentiell unzegesi ginn, respektiv wou déi eng Formatioun déi aner complétéiert.

Opgrond vun der Pandemie haten déi zoustänneg Servicer vu mengem Departement net déi néideg Disponibilitéiten, mat de Partner déi um Projet associéiert musse ginn en attraktiivt Konzept an en ausgeglachene Programm auszeschaffen. Deemno wäert fir d'Rentrée 2022/23 kee Projet prett sinn fir kënnen ze starten.

D'Iwwerleeungen ronderëm dësen duebelen Diplom sollen awer weidergefouert ginn. Schliisslech gëtt esou een Diplom vun alle méigleche Säiten als sënnvoll a wäertvoll ugesinn.

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH